ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 3797 schreift den Här Minister, dass aktuell 163 Schüler, déi hire Wunnsëtz am Ausland hunn, eng Grondschoul vun der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer besichen.

An deem Kontext wollt ech nach eng Rei weider Froe stellen:

1) Wéi vill Schüler sinn aktuell an de Grondschoule vun der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer ageschriwwen? Wéi verdeelt sech dës Zuel op déi verschidde Schoulen? Wéi verdeelen sech déi 163 Schüler, déi hire Wunnsëtz am Ausland hunn, op déi verschidde Schoulen?
2) Bei de Grondschoulen entscheet de Schäfferot vun der betraffener Gemeng, ob ee Kand aus enger anerer Gemeng an hir Schoul opgeholl gëtt. Dëst kann awer nëmmen op Grond vun enger besonnescher Motivatioun geschéien. Wien hëlt déi Entscheedung am Fall vun de Grondschoulen aus der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer? Wéi eng Konditioune mussen erfëllt sinn?

Mat déiwem Respekt

Fred Keup

Deputéierten